

SIMONE: Wien?... Waat? Kache Waasser iwer der Mamma hiir nei Schong schödden?....

CATH. : Ma nén, Joffer Simone, iwer d'Kallefspujel.

SIMONE: Wie séét iech dann esou äppes? Ech sichen d'Mamma fiir de Schlössel vum Schaaf. (an éngems géét et lénks oof)

CATH. : Ech sooe joo, jidderéen verleiert de Kapp. Hatt natiirléch, daat verstéét séch. Op enger Hochzeit sin dei dei bestued gin ömmer dei dommsst derbai... A wou war éch eloo?! Aah joo.. kache Waasser driwer schödden.

JULIETTE: (könnnt rechts eran mat engem Kompliment an der Hant) Cathérine, hutt diir d'Simone gesin?

CATH. : Joo, hat sicht noo dénger Mamm...

JULIETTE: Ech muss em d'Kompliment nach éemoool viirliesen. Lauschtert, Catherine, wei ass et esou schein: " Nie soll der vergiessen jong Brautlait, döss Stonn....

CATH. : (liest viirunam Buch) Dann duurchpickt één se mat klénge Späckstécker....

JULIETTE: Waa... t? Brautlait mat Späckstécker duurchpicken! Daat stéét net a méngem Gedicht! Cathérine, Diir wollt méch duurchernéen werfen... Daat ass net schein.....

CATH. : Diir därfst méch net dérangeieren, Joffer Juliette. D'Kachen daat géét viirun de Komplimenter.

JULIETTE: An éch scoen, dass Diir neischt vun der Poésie verstitt. Diir wärft alles duurchernéen... Brautleit mat de Späckstécker.... Wann der weinestens nach vu Schokolaascrème geint schwätzen... daat wär nach net graat esou schlömm! (géét lénks oof)

CATH. : Poésie... Poésie... Daat déet één net liewen. D'Poésie ass gutt wann één séch gutt saat giess huet... Wat hun éch sche mei gesoot... Oh joo, mat Späckstécker.. an dann?.... gi se geméét ewei... cemme les fricandeaux, stéét hai...! Waat der Joomer ass daat? Comme les fricandeaux! Daat si riichtewäch gespickte Flééschschnitzelen....

CHARM. : (könnnt lénks eran, ée Schong un an éng Schlapp) Et weor onmeigléch fiir dei Schong unzehaalen! Uuuuh, mei Kreienaa! O mei! Daat géét schein un op éngem Hochzeitsdaach!

CATH. : (lies a séngem Buch) Annerhallef Stonn gewässert... Kache Waasser driwerschödden... da mat Späckstécker duurchstiechen an da gemaacht wei Flééschschnitzelen.

CHARM. : Waat? Méng Kreienaan wässeren, a waat scoot der Catherine? Gemét wei waat?

CATH. : Comme les fricandeaux, stéét hei, misst d'Pujel gemaat gin. Ech gin net mei kluuch derhanner!

CHARM. : Ma, Cathérine, Diir gitt éngem aawer wiirkléch op d'Nerven mat ärem Kachbuch. Mengt diir dann, d'Kachen meich séch haut vum sälwen?

CATH. : Madame, et hééscht eloc ze wössen wei dei gemaat gin!

CHARM. : 'T ass oöver schräckléch, Catherine, ma da kuckt dach hinnen am Buch. Ech hunn iech et joë gescoot.

CATH. : Ah sou! Fünt één daat doo?

CHARM. : (höllt d'Buch ganz brusk a sicht) Ma sécher, waat éng ass daat!
Fricandeaux, Seit 99..Diir hutt oover och net vill Wötz, Cathérine.
Huet Der d'Juliette net gesin?

CATH. : (an éngems ass et bliedert) Dach, Madame, hatt sicht d'Simone fir sei
Kompliment ze liesen, d'Simone sicht Iech fir de Schlössel vum Schaaf,
an de Schlössel sicht...iech fir....

CHARM. : We' domm sitt der oover, Cathérine.De Schlössel sicht méch!

CATH. : Ma nén, ma nén, éch wollt sooen, d'Simone sicht Iech, net de Schlössel,
wat eng...Dir huet méch dach verstaan!....

CHARM. : Haalt op, Cathérine. Wa mer ons Zeit verträntelen fir ze diskuteieren
an én hannerum dém aaneren ze laafen, gi mir sénger Liewen net fèrdéch.
Soot zum Juliette et soll direkt am Simone séng Kummer kommen, dass et mir
seier äppes fiir méng Kreienaan an d'Apdikt siche léft...An Diir gitt hoffent-
léch esou seier wei meigléch an d'Kichen (gét rechts oof)

CATH. : Ma natiirléch,dMadame sie ass beiss; Mé sie huet ké Recht.Sie ass
ömmmer frou wann se alles op engem aanere séng Schöllere kann drécken.
O mei! O mei! Wat éng Kappzerbrécheréch Aarbécht! Waat fir eng Seit haat
s'eloo scho mei gescot? Sie huet Wötz, d'Madame...(hat sicht am Buch)Fricassés.
Fritures...Fritures....Fricandeaux... Aha, Seit 99. An eloo muss éch dann
d'Seit 99 sichen (hat bliedert) Wann sie méngt daat geing mei seier...Also 12..
17...20...32...40....63...74...88...223...136...120...100....Aha! 99...hei hu
mer et (hat liest) Les fricandeaux se font cuire comme...och duu Aarmut nach
émoool....se font cuire comme...les riz de veau Seit 172...also wei Kallefs-
pujel...an d'Kallefspujel wei d'Schnitelen...an d'Schnitzelen ewei d'Kallefs-
pujel! Der Joomer soll all dei Kachbicher huelen! Wei s'oover och wölles haaten
esou e komplizeiereten Menü ze maachen, hätten s'och sollen e Kach huelen!
Gower leiwer hänken se d'Souen un der Joffer hiir Toilette a fiir de Rèscht, si
se gezwong ze knauseren.A wann éch hiir daat geing sooen, da gesicht der emool
wei frou ass se wär!

2. S Z E N

CATHERINE, Madame NANETTE, JULIETTE

NANETTE: (könnnt eran mat éngem Kuerf am Aarm) Gudde Muerjen, Cathérine, hei
sin éch!

CATH. : Ma Diir kommt och net ze frei, Nanette!

NANETTE: Ech woort oover ganz frei op de juergen.D'Keih hun éch gefiddert a
gemësch an dun war éch nach krauden fiir d'Kannéngercher.

CATH. : An d'Madame, sét, d'Iessen gif net fèrdéch fiir de Möttéch!

NANETTE: An Diir sötzt doo, an Diir liest e Roman!

CATH. : E Roman, éch haale wuel joo, et ass e Kachbuch!

NANETTE: E Kachbuch! Doo stin elauter Lijen dran! Gléft mer es!

CATH. : Ma wösst Diir dann wei d'Kallefspujel gemaat gët?

NANETTE: Ma éch mängen esou! Gléft mär es, mat Muurten, Kromperen, a Bouonen.

CATH. : Passt daat séch dann fiir en Hochzeitsdaach?

NANETTE: Ma daat wölle mer gléwen.Si läcken séch d'Fangeren drun, an dei vun
hiirem Nooper nawell nach.....

JUL. : (könnnt rechts eran mam Kompliment nach ömmer an der Hann) Et ass on-méigléch fir d'Simone ze fannen fir him d'Kompliment ze widerhueulen.
Ah, bonjour, Madame Nanette!

NAN. : Ei, wei ass et esou aartléch! Komm, heihin, dass mer déch kucken!
Komm, éch gin der eng Bés! Wöllste?

JUL. : Ma sécher, Madame Nanette!

NAN. : (höllt e grousst kareiert Nuesschnappéch aus dem Kuerf, wöscht séch de Mond eef a kösst d'Juliette). O, wei richs Du esou gutt! A wei bass de esou schein! Gléf mer es. Mengt én Du wärs en Engelchen aus dem Himmel!....

JUL. : Lauschter wei schein mei Kompliment ass.... Nie soll der vergiessen jong Leit dös Stonn....

CATH. : Juliette, deng Mamm huet déch geruff, fir an d'Apdikt ze goon e Möttel fir Kreienaan ze sichen.

JUL. : E Möttel fir Kreienaan! T'eischt waren et Speckstécker! Ma Catherine Dir sicht oover nömmen fir méch a méngem Kompliment duurchernéén ze geheien.

CATH. : Déng Mamm huet gesoet: " d'Juliette soll seier an d'Apdikt goon e Möttel fir d'Kreienaan sichen!"

NAN. : E Möttel fir d'Kreienaan.. aus der Apdikt! Gléft mer es, do ass allerhand dran, mé neischt daat äppes déngt!

CATH. : Wösst diir dann äppes aanescht fir d'Kreienaan?

NAN. : Ma daat sécher!.. Wantergréng an Esséch an éng Zeiw Knueweléck dran!
An daat drop geluecht. Da géét et ewéch gléft mer es!

CATH. : Hues de heieren, Juliette, laaf dénger Mamm daat hurtéch soen, da brauchs de nöt an d'Apdikt ze goon.

JUL. : Cathérine a Madame Nanette, da lauschtet dach weinestens dé scheine Passage aus méngem Kompliment! An a fofzéch Jocer, leif Brautlait, ömréngt vun Åre Kanner a Kanneskanner, feiert Diir är göllen Hochzeit!"

CATH. : (fiirt viirun) Mat Esséch a Wantergréng an énger Zeiw Knueweléck.

JUL. : Hiir göllen Hchzeit sollen se feieren mat Esséch a Wantergréng!
Ma, Cathérine! Diir maacht et express. Wann éch Dommhééte soen, dann ass År Schold (hat géét rechts cof);

CATH. : Soo Dénger Mamm, daat huurtéch. Et ass net schein esou laang Péng én ausstoen ze loossen, zemool nach um Hochzeitsdaach!

NAN. : Wei ass et esou neischnotzéch! A wei grouss ass et gin! D'Simone och wat haut bestued göt. Gléft mer es, et göt éng schei Koppel, hat an dem Malbcis sei Bo'f!

CATH. : Kännt Diir dann de Breitjemann och?

NAN. : Diir könnt mer es frei gléwen, t'kännt kéén dei ganz Familjen besser wei éch. Ma, Cathérine, wa mir solle kachen, musse mer baal ufänken Wann de Möttéch laut musse mer fèrdéch sin!

CATH. : Mengt der, miir zwéé geiwen en Iessen fiir dei ganz Hochzeit f7rdéch bréngen?

NAN. : Ma sécher. Gléft mer es, ech hun dach viirun et etléch Jocer elèng dem Chantoisiam séngem Klénge séng Hochzeit gekacht, an éch hun nach derbei aist Kallef mat der Fläsch opgezillt. (gin an éngems aus).

3. S Z E N

SIMONE, Madame MALBOIS

SIMONE: (könnnt lues eran) Onmeigléch fir d'Mamma mam Schlössel vum Schaaf ze fannen, an de Pappa! Ech wöllt hie keim eröm! Dé gudde Pappa. Hien ass op d'Gare mei Brautkléd oofhueLEN. Et könnt mam Zuch vun 7 Auer 45. Mei Brautkléd! Hätt éch et nömmen hei. D'Mamma huet mer et bei der dichtéger Neidesch Marinetta bestallt. Et ass wonnerbaar! Oh esou chic! Hei römm bréngt kéng esou éppes fèrdéch. Waat wärt éch elegant dra sin. Jidderé wärt staunen, wann e méch geseit an si wärten nach wivill Dééch e puer Kilométer an der Ùmgeigend dervu schwätzen. Oh et gëtt bestömmt wonnerbaar, éch hun et virun en etléch Déch ugemiest. Nömmen eppes gehait méch, an daat ass, datt d'Joffer Marinetta et net eischter könnt schécken ewei haut de Muerjen. D'Mamma, dei alles gär virberét hätt, huet dei ganz Nuecht kén Aa zouguedoon. Si wer op gliddége Kuelen. An éch sälwer hun net geschloof. An de Pappa, hie: ass dach esou ongedölléch. En ass schon zönter 2 Stonnen op der Gare. Wat wärt en doo sötzen ze waarden. Oh wei laang göt d'Zeit éngem wann é muss waarden!

MALBOIS: (könnnt eran) Bonjour, mei leift Simone. Wei duu hues dei Klééd nach net un????!!

SIMONE : Ma Dir wösst dach gutt, Madame Malbois, dass mei Klééd....

MALBOIS: Waat sés duu? Du nänns méch Madame Malbois. Du muss dach elo Mamma zou miir seon.

SIMONE . Oh, pardon, éch muss méch ereischt dru gewinnen. A mei leiwe Fiancé Théodore, huet e gutt geschloof?

MALBOIS: Ech menge joo.... Ma e gét ewell zönter e puer Stonnen am Breitjemanns kostum sp an oof, dei Mann.....

SIMONE : Mei Mann? Wei drooléch ass daat. Ma hien ass dach mei Mann nach net, Madame, elo Ma..ma...

MALBOIS: An e puer Stonnen ass en et dach! Da kanns Duu en essu nennen. Also, dei Mann huet mir e wichtégen Optrag gin....

SIMONE : (opgerégt) E wichtégen Opdrag! Diir maacht miir et baang, Mada.... elo Mamma. Soot mer et seier. Waat ass et?

MALBOIS: Fiir Diir s éngem Num éng Bés ze gin... Wöllste Simone?

SIMONE : (ganz toucheiert) Ma sécher! Dé gudden Theodoor, wei ass en escu gentil!

MALBOIS: (gött dem Simone eng Bés) Doo, elo ass d'Commissieun gemaat!

SIMONE : Märsisi, Madame... éch wöll soon, Mamma. Wöllt diir dann och eng Kommissieun maachen?

MALBOIS: Wiem da, Kand?

SIMONE : Ma dem Theodoor.

MALBOIS: Ma sécher, a waat wär daat dann?

SIMONE : Ma him och éng Bés vu miir ze gin.

MALBOIS: Ma gewöss méng Deifchen, duu kanns drop zielen.

SIMONE : (Uni ze zécken) Merci, Mamma!

MALBOIS: A la bonne heure! Esou ass et richtéch! Wésste, Simone, éch hun d'Härz esou déck wann éch drun denlen....dass éch eloo.... mei gudden Theodore nöt mei hun!

SIMONE: Mais dén aarme Jong, hien huet dach ömmer séng Mamm nach!

MALBOIS: Daat ass net daatselwécht.(ganz toucheiert) Eloo si miir zou zwéé. Oh, éch muss der nach all dei Schéckegkéeten soen, dei hien esou gären össt an deiss duu him muss kachen! Oh, mein aarmen Theodore. Wann éch drun denken, dass dén aarme Jong nöt mei aus sénger Mamm hiirer Kichen össt.

SIMONE: Oh, éch versuurgen en joe gutt an éch maan mei Bèscht fiir hien zefridden ze stellen.

MALBOIS: Ech wéés et, Kand. Ech ka Vertrauen an Déch hun an duurfiir gin éch diir en och.(sie wöschts s'éch d'Treinen oof) Mei gudden Theodore! Ma éch muss méch eloo ewäch maachen...d'Invitéen dei wärten eloo gleich kommen. A méng Grousseltern waarden drop dass éch e soll undin...Also, Simone, bis hernoo dann....

SIMONE : Mamma, da soot dem Theodore villmoos merci, an da soot der em och, dass hien sein Opdrag eloo geschwönn sälwer kann ausfeieren.

MALBOIS: Joo, éch verstin...Du Hâss et leiwer wann hien Diir sälwer éng Bés geif.

SIMONE : Oh, éch hun daat dach net gescot!

MALBOIS: Ma, duu hues et geduecht! O, leiwen Theodore, duu bass verluer fiir mécg!

SIMONE : (hei der Diir) Vergiess méng Kommissioune net!

MALBOIS: Nén, nén, berouéch déch!

4. S Z E N

SIMONE, JULIETTE, Madame CHARMILLON

SIMONE: Waat ass en aawer schei, dén Theodore. Huet déé gefaart fiir sälwer hei hin ze kommen, miir bonjour ze soen. Ech hu gemengt dei Jongen geiwen hir Mammen mei liicht verloossen wei esou!

JULIE.: Ah, endléch! Doo bass de, Simone! Eloo sichen éch schon eng Stonn noo diir, fiir diir mei Kompliment ze widerhuelen! Diir an déngem Mann!

SIMONE: Méngem Mann! Wei gelungen! (fiir séch)
(zum Juliette) Ma Juliette, et wiir besser, duu geifs eis eng Iwerraschung maachen.

JULIE.: Mengste, Simone? Ech wéss et esou gutt. Ma hernoo geheien éch et villeicht alles duurchernéén. O jo, éch muss d'Mamma och nach fiir 't allereischt sichen, fiir den Esséch mam Wantergréng.

SIMONE: Fiir waat? Esséch mat Wantergréng?

JULIE.: Ma 't ass e Möttel vun der Madame Nanette.

SIMONE: E Möttel? Fiir waat?

JULIE : Fiir e Kreienaa.....

CHARM.: (könnnt rechts eran) Endléch hun éch iech allenzwéé, 't ass net mei laang Zeit!

JULIE : Ma miir hun déch och gesicht.

CHARM.: Diir hutt méch gesicht! An diir bleiwt hei a schwätz matenéén, ma diir sitt net mei weiss! Mengt der dann diir hätt soss neischt ze din op engem Hochzeitsdaach.Juliette, laaf duu huurtéch an d'Apdikt,dass éch äppes op mei Kreienaa kreien.An dir sat emel neischt,dass éch muss an enger Schlapp an engem Schog hei goon.

SIMONE: Ma miir wossten dach neischt, Mamma.

JUL. : Et ass nöt neidéch fiir an d'Apdikt ze goon, d'Mme.Nanette huet e gutt Möttel. Du muss Wantergréng drop lén, an Esséck mat Knueweleéck driwer schödden.

CHARM.: Waat?..Esséch iwer méng Kréienaan schödden. Ma du hues se nöt mei all.

JUL. : Ech nöt, d'Madame Nanette huet gesoot, daat wär besser wei all aaner Möttelen.

CHARM.: Jé,hopp, maach käng Lommhéten a maach déch huetéch an d'Apdikt.

JUL. : Joo, Mamma.

CHARM.: An da göss de uecht op dei Rack. Virwaat hues duu kéné Schiirtéch un?

JUL. : Ma duu wölls mer dach sécher kéné Schiirtéch wöllen undin, haut um Simone sengem Hochzeitsdaam.

CHARM. : Wölls de rouéch sin an déch séier ewäch maan.(zum Simone) An dei Papp ass nach nöt doo mat déngem Kléd. Ech si richtéc an Oprégung.

SIMONE :Den Zuch huet villeicht Verspéitung.

CHARM.: Oh éch lauschteren Diir äng aaner Kéier nöt méi noo.Duu geseis méch nöt méi bei d'Marinettas Diir e Klééd bestelle goon.

SIMONE :Mé, Mamma, éch denken dach nöt drun fiir méch nach äng Kéier ze bestueden.

CHARM.: Wöllste wuel rouéch sin, duu och. Déi Bemerkung doo huet kéné Sönn.

5. S E N

SIMONE, Mme. CHARMILLON, Tatta AMELIE, RAYMONDE.

SIMONE: Mamma, hei könnt d'Tatta Amélie mat der klänger Cousine Raymonde.

AMELIE: (göt der Mme.Charm,dann dem Simone äng Béss) Oh méng léif Schwesterchen, mei léift Marie-Louise. Wéi géét et diir? An dem Simone? Loo ass en doo dé gléckléchen Daach vun dénger Hochzeit.

CHARM.: Mei léift Amélie, wéi sin éch frouh fiir déch ze gesin! (dann zum Raymonde, daat s'och kösst) An déch och, mie léift klängt Raymonde.

SIMONE: Haat diir äng gutt Rés? Raymonde komm hei hin, da göss de miir äng Bés.

RAYMONDE:Ech si gléckléch fiir äng Bés vun der Braut ze kréien.

AMELIE: Dajé, Raymonde, göf dénger Cousine Simone de Cadeau an duu wés joo wats de derbei ze soon hues,

RAYM. : (Mat ziddréger Stömm an ängems dat et dem Simone d'Broot-döppen présentiert) Mei léift Simone! Et ass vu ganzem Härz...dass...de Pappa an d'Mamma...diir daat schéint Broot-döppchen hei gin..Et ass e praktescht Geschenk fiir...an... dei Stoot! An da wönschen éch mat der Mamma an dem Pappa, dass de ganz dack e gudde Groch vun ängem Broot aus dém kostbaaren Döppen könnt, fiir ze beweisen, dass diir gléckléch Dég zesummen verbréngt.

SIMONE: (höllt d'Brootdöppchen a setzt et op den Dösch) (göt dem Raymonde nach äng Kéier äng Bés a sét:) Merci, Tatta, Amélie merci Raymonde. Ech si ganz touchéiert vun dém wats duu mer eloo gesoot hues a wannste dé gudde Brood dann emol richs, da könnste eran an da sötzt de déch mat ons un den Dösch.

AMELIE: (zum Raymonde) An der Tatta Marie-Louise hues de neischt ze soon?

RAYM. : Ménge gutt Tata Marie-Louise.. De Pappa an d'Mamma wössen, dass duu d'Härz déck hues fiir déch vum Simone ze trennen. Ma duu muss déch dran ergin! Ech, déng kläng Nies Raymonde, soen diir daat...

CHARM.: Duu kläng Popp do! Ma sou wou ass dei Papp dann?

AMELIE: Den Hector wärt och gleich hei sin. En ass nach bei de Coifför.

RAYM. : Joo, en huet gescot e wär gär ganz schéin an e géing gär ganz gutt richen fir dem Simone séng Hochzeit.

SIMONE: De gudde Monni Hector.

RAYM. : Ech gin dem Pappa aawer fir t'éischt äng Bés wann hie könnt. Ech gin em ömmer déi éischt wann e vum Coifför könnt....

CHARM.: Ma sécher méng Deifchen! Miir erlaaben der Braut emol nöt fiir him viirun diir äng Bés ze gin! Doo geseit één daat klängt Jalousst!

SIMONE: Komm Raymonde, éch drooen d'Döppen op méng Kummer an da weisen éch der déi aaner Geschenker, déi éch kritt huu.

RAYM. : Joo, Simone, éch gi mat, Soo, Cousine, hues de schon vill Brootdöppe kritt? (an ängems gin se matenéén aus)

6. S Z E N

Mme. CHARMILLON, Tatta AMELIE, dann d' JULIETTE

AMELIE: A wou ass dei Mann?

CHARM.: Ma hie waart op den Zuch vun 7 Auer 49

AMELIE: Ah sou, kommen da Leit bei Iech mat dém Zuch?

CHARM.: Néén, hie waart op dem Simone sei Klééd.

AMELIE: Waat sés duu doo? Huet d'Simone sei Klééd nach net hei? Daat kann dach nöt méigléch sin. Ech géing nöt méi liewen wann éch an dénger Plaatz wär!

CHARM.: Ma éch liewen och nöt méi! Ech sin an änger schrècklécher Angscht. Eng ganz Nuecht hun éch nöt geschloof. Si sin oover all déiselwächt, déi Néidöschen. Nie schécken se äppes bis op d'lèscht Minutt.

AMELIE: Joo, an op déi Manéier muss én et dann huelen wéi et ass!

CHARM.: Oh, dem Simone sei Klééd ass oover prachtvoll. Nie huet nach én heirömmer esou äng chic Toilette gesin!

AMELIE: Ech haalen der daat gutt, mé éch wär ganz onrouéch.

CHARM.: D'Joffer Marinetta huet mer et oover sécher versprach.

AMELIE: D'Verspriechen vun déénem Néidöschen si grad ewéi vun de Modisten! Duu wés dach graat esou gutt wéi éch!" Jo, jo Madame, ganz bestömmmt. Diir könnt drop zielen, diir kritt et ganz sécher fiir Ouschterdaach. Mé sie hidden séch schwéier fir ze soon "oder fiir Peischterdaach."

CHARM. Ech wés daat alles! Wéi éch méch ze vill drugehaalen hun, huet se mer gesoot:" Mé, Madame Charmillon, diir schéingt ze vergiessen, dass diir d' Verspriechen vun der Joffer Marinetta huet, déi éischt Néidösch aus dem Lannt. Dir musst mein Haus nöt mat engem riichtewächen vergleichen.

AMELIE: Daat sin alles schéin Wieder. Mé éch hun äng Ahnung wéi wann de Rack nöt kéim. Ech gesin de Buurgermééeschter mat sénger Echarpe.. den Här Paschtouer an der Kiirch ömsoss op d'Braut waarden!!!

CHARM.: (ganz verweifelt) Amélie, haal op, haal op, éch bieden déch, Soo dach neischt méi. Du dreiws méch aus der Haut. Ech si schon esou opgerégt, an nach méi wäll den Henri misst schon eröm sin vun der Gare.

AMELIE: (fiirt vürrun) Ech héieren d' Klacke scho lauden! Ech gesin äng Onmass Leit orbei laafen fir daat schéint Kléd ze gesin...daat nach bei der Néidösch ass.

JUL. : Oh, méng gutt Tata Amélie ass hei. Bonjour Tata!

AMELIE: (göt em eng Bés) Bonjour, mei klängt Juliette! Wéi bass de esou schéin! A wéi grouss bass de gin zónter dass éch déch fir d'lèscht gesin hun!

JUL. : Mamma, hei ass waat den Apdikter mer gin huet.

AMELIE: Ass dann éé kransk?

CHARM.: Néé, mat ménge neie Schong dét op éémool daat aalt Kréienaa mer eröm esou schrèckléch wéi. Kuck, éch muss mat ängem Schong an enger Schapp hei goen!

AMELIE: Duu häss mer sollen äppes sooen. Ech wés déer allerbëscher Möttelen éént.

JUL. : Hei, d'Tata Amélie wés der Madame Nanette hiirt Möttel och.

CHARM.: (kuckt an d' Köscht) Gét et dann heivun gleich ewäch?

JUL. : Jo, Mamma! Et sin 10 Rondelen, an duu muss all Daach é Rondel drop léén dann ass et an zéng Déch ewäch.

7. S Z E N

DEISELWÉCHT, Madame GRIVEAU

GRIVEAU: (könnnt séier gelaaf a rifft) Mme. Charmillon, Mme. Charmillon!

CHARM.: (ganz erféiert) Mei Gott, a waat ass?

GRIVEAU: Den H..är...Charmillon!!

CHARM.: Ass em äppes geschitt?

JUL. : (jeitzt) Ass dem Pappa äppes geschitt op dem Simone sengem Hochzeitsdaach?

AMELIE: (ganz rouéch) Waat ass dann, Madame? Da schwätzt dach! Et wärt dach nöt...o mei...en Zuch...en Auto....

CHARM.: Ma da schwätzt dach...oh mein aarmen Henri!

GRIVEAU: Et ass... et ass....

CHARM.: Ma da soot et dach!

GRIVEAU: De Rack ass nöt ukommt!

CHARM.: (niddergeschlooën) Waat, de Rack nöt ukomm. Et wärt dach nöt sin. et kann nöt sin. Diir wollt eis et Angscht maan, gelt, Mme. Griveau. Ass et nöt esou?

GRIVEAU: Néén et ass wöuer!

CHARM. : Dann ass alles verluer, alles verluer. Daat ass schräckléch, formidabel. Néén, éch hätt mer alles geduecht mä daat nöt. Et hätt naischt Schlooeres könne kommen (sie léisst séch op de Stull faalen)

JUL. : Mä Mamma, et ass dach bestömmmt nöt esou schräckléch wéi wann de Pappa iwarrant gi wär.

CHARM. : Haal stöll, Juliette. Ma mai Mann, wou ass hien dann? Méch hai eläng ze loossen an esou ängem Moment! Virwaat huet hien iech hier geschéckt? Virwaat? Virwaat könnt hien net sälwer an esou ängem tragesche Moment?

GRIVEAU: Hien huet gesoot, laaft séier ménger Fraa et sooen an éch laafen esou séier wéi éch kann an d'Post der Néidösch te- lephonéieren.

CHARM. : (stéét op a gét mat grousse Schréck op an oof an iergert séch) De Rack ass nöt doo! De Rack soll nöt doo sin. Daat kann nöt sin et ass onméigléch. En ass ukomm. Ganz bestömmmt ass en doo. Ma den Henri huet en nöt gesin. O, déi Maansleit. Et ass aawer één ewéi déén aaner, en huet e bestömmmt net gesin. Ech si ganz sécher dass de Rack doo ass. E muss doo sin..well et ass e Rack vun der Joffer Marinetta!!!!

AMELIE : Du aarmt Marie-Louise!

CHARM. : Oh, éch muss op d'Gare. Ech muss e fannen! An éch fannen en och. Jo, jo éch wärt e fannen. Gitt séier mat mer, Mme. Griveau fir mer ze höllefen de Rack hei hin ze bréngen (sie léft séier asu).

GRIVEAU: (an ängems ass se ausgét) A wéi wöllt sie äppes hierbréngen waat net doo ass!

JUL. : Hei der Mamma hiirt Kréienaa déét nöt méi wéi!

AMELIE : Ech hu joo gesoot sie hätt nöt solle waarden bis de läschte Moment. Ech hätt och besser op d'Gare ze goen fir ze sichen, d'Maansleit déi gin séch och guur käng Méih. Sie färtan sie géngén én dérangeieren wann se génge frooen! Den Hector ass graat esou. Ma éch muss groen, éch muss mam Chef de Gare schwätzen a wann et muss sin mam Haaptinspektor. (Sie géét och aus).

JUL. : An daat aarmt Simone wés naischt. Ech soen em och naischt. Hat huet nach gutt Zeit fir daat ze héieren. Waat wärt et erféieren, op séngem Hochzeitsdaach wärt et misse kreischen, wou et sou gléckléch sollt sin. A mei schéint Kompliment, Loo kann éch daat net sooen.

8. S Z E N

CATHERINE: (könnt mat engem Kuerf voll Zaloet) Ech hun d'Madame gesi laafen waat se konnt, mat engem Schong an enger Schlapp un an d'Madame Griveau huet gesoot et géif eng grouss Katastrophen!

NANETTE: (könnt erann a schielt un enger Muurt oder Gromper) Waat ass daat äppes, d'Mme. Griveau déét Kréésch: Déi ganz Hochzeit wär an d'Waasser gefall. Daat aarmt Simone!

JUL. : (ganz verdrössléch) Ma joo, dem Simone sei Kéd ass nöt ukomm.

CATHERINE: Do hu mer et jo, wannéén et nöt wöllt bei änger Néidösch vun heirömmer maache loossen.

NANETTE: T'ass wouer, aist Marcellin kann jo och ganz gutt bizzzen. Hatt hätt bestömmt e Rack färdéch bruecht dé jidderengem gefall hätt. Glééft mer es, hat mecht aus ängem oofgeschappte Rack eröm e ganz naie Kasewäck.

JULIE : Waat mécht d'Simone dann mat ängem Kasewäck. Hat muss dach e Brautklééd hun.

NANETTE: Majuer, daat wéés éch joo, hat huet dach och dem Antoinette e Brautklééd gemaacht. An d'Antoinette ass dach och aus änger ganz décker Familjen.

CATHERINE: Jo, ménge Le'w (mat Bousséch) ma et géét nöt doropp. Et géét op den Num. Da könnten se net soen:" Jo, meng leif Madame, daat Klééd könnt vun der Joffer Marinette, hm! daat kléngt ganz aanescht.

NANETTE: Juer, an da gin der vill alt eröm neidéch!

CATHER.: T'ass aawer sou! Ais gót ömmer gesoot: Spuer dach, d'Liewen ass daier. Ma hinnen ass naischt ze daier wann et hééscht déénen aaneren d'Aan ze föllen!

JULIE : (Wei wann et séch op émol beduecht hätt) Majoo, kann één dach nöt bestuet gin wannéén kénéé waisst Klééd huet?

NANETTE: Daat sin elauter Lijen. Éch haat kénéé waisse Rack an éch sin aawer bestued gin. Gléft mer es, an éch sin eloo schons 40 Jooer ganz gutt gefuer mat ménge Mann.

JULIE : Da soen éch dem Simone daat. Da kann hat sei gréngen Tailleur undin an dé blooen Hutt!!

NANETTE: Aaremt Simone! Oower daat wöllt et nöt. Fiir méch ass daat gaangen. Aawer haut fällt et kängem aan uni waisse Rack bestued ze gin. A wann se mängen et wiir e Rack net grad um Moud, da gót et e Kameidi geméét, wei wann d'ganz Wält geing önner goon!

CATH. : (jeitzt ganz erfeiert) Nanette! et richt noo verbrannt!! (hat léft seier aus) De Gigot ass ugebrannt. Huurtéch Nanette, huurtéch, wat e Missär!

NANETTE: Daat ass naischt! Et kraatzt één daat Verbrannten mat ängem Mässer eroof (an ängems ass et ausgéét) Ma looss méch cover kukke goen. Aaremt Simone! Mir huet daat naischt ausgemaacht uni waisse Rack!

9. S z é n

JULIETTE, Joffer VERONIQUE

JULIETTE: (kukkt sai Kompliment ganz verdrössléch) Ech muss baal kreischen wann éch daat Kompliment hai liesen:" Wei, straalst duu, voll Gléck, an déngem scheine waisse Kléd." Daat kann nöt goen. An déngem scheinen groen Tailleur, néen, daat géét nöt. E groen Tailleur an e blooen Hutt. Néen, op kénéé Fall. Ech muss allzait e waissts Kléd fiir ménge Hochzait hun, an daat muss éch nawäll glaich der Mamma soen dass se mer haut schon éent beställt.

VERONIQUE: (könnnt eran, an änger Hand e Bouquet an der aaner e Vullekuerf mat ängem Kanarienvull) Mei Gott, mei Gott, wat war daat äng Rés. Ech sin erliedécht. E Stull, seier e Stull éch faale vun de Béén.

JULIETTE: (an ängems ass et hiir e Stull gött) Ma diir hätt dach scho missten göschter oowend kommen, Haat diir och villaicht en Ongléck?

VERON.: Joo, Juliette, éch wönschen dem Simone vill Gleck. A wann et nöt graat méng Giedel wär, dann hätt éch méch nöt dérangeert fir ze kommen. Elo sin et 20 Joor, dass zönter daas hat gedéeft gin ass, dass éh a kängem Zuch mei soutz.

JUL. : Fiir waat kommtder dann esou speit? Haat e Verspeitung ären Zuch?

VERON.: Joo, éch hun es genuch. A mein aarme Riki, hien huet och baal kén Ootem mei. Wei ass en sou bléch an opgerécht.

JUL. : (fir séch) O mai, dem Simone séng Giedel heiert oower baal naischt mei. Sie ass nach mei daaf ewei daat läscht Jooer. (Hat jeitzt hir an d'Ouer) Waat ass da geschitt?

VERON.: Nén, en huet zönter göschter nach naischt kritt.

JUL. : (fir séch) Sie heiert oover guur naischt mei!

VERON.: Wäll miir dei ganz Nuecht an änger Gare soutzen, daat war ängem Schaffner séng Schold. Hien huet gejaut mit wären doo, A wei mirr zwéé, de Riki an éch, hei bausse wooren, hu mer gesin dass et nöt wouer war. Du wollte mer erem seier dra klammen. An du wor den Zuch scho fort.

JUL. : (jeitzt hir an daat recht Ouer) Hai ass och alles duurcherneén. Dem Simone sai Rack ass nach net hai.

VERON.: Joo, Juliette, soo dem Simone éch wär hai,

JUL. : (jeitzt hir an daat lénkt Ouer) Dir könnt iech denken wei daat d'Simonge gëait.

VERON.: Aah! kritt diir esou vill Lait?

JUL. : (fir séch) O mai, sie heiert mat zwéé Oueren naischt mei. (jeitzt nach mei haart) Ma nén, dem Simone sai Rack ass nach net hai, an d'Simone méch séch bestömmmt vill draus.

VERON.: Aah, d'Simone ass nach eraus. Ma da warden éch bis et era könnt. Wuer ass et dann?

JUL. : Dem Raymonde d'Geschenker waisen uewenopp.

VERON.: Majoo, éch si scho laang op, an hongréch sin éch. An de Riki bestömmkt och.

JULIE.: Ma da gitt an d'Kichen bai d'Catherine.

VERON.: Joo, éch iesen gär äng Sardine. Ma de Riki muss Kär kreien e bösse Waasser an äng Zaloót. A mat all dém Stöps am Zuch geif e séch bestömmmt gär bueden. A wou ass déng Mamma an dai Pappa, Juliette?

JULIE.: (eröm ganz haart) Ma si sin op d'Gare kukken nom Rack,

VERON.: Jeitzt nöt esou haart. Daat ass guur nöt neidéch. Ech versti jo ganz gutt. Dei Papp dét jo eloo graat de Frack un, hues de jo gesoot! Majoo an da kann déng Mamm och nöt kommen. Abbé, éch gesin se dann dernoo.

JULIE.: Ma nén, si sin noom Simone séngem Rack op d'Gare sichen.

VERON.: Joo, éch gin eloo an d'kichen. Main aarme Riki, loo kriss duu äppes z'iessen. An da kanns de déch och bueden! An da göss de schei rouéch gelcoss, da kanns de Verdauung maachen. (Sie gét mat hiirem Bouquet a mam Vullekuerf)

10. S z é n

JULIETTE, Madame CHARMILLON

JUL.: Haut ass d'Joffer Véronique oover ganz daaf. An 20 Joor nach a kängem Zuch! Dann ass d'Oprégung dér bestömmmt an d'Ouere geschlön.

CHARM.: (könnt ganz seier erann) Mir hun alles op d'Kopp gehait op der Gare. Ee Paak noom aaneren hu mer opgemaacht. D'Gendaarme si kommt fiir ons ewäch ze huelen. Mé t'ass wouer, mei wei wouer, de Rack ass nöt doo!

JULIE.: Soo Mamma, dem Simone séng Giedel ass ukommt.

CHARM.: Waat kann daat ais dann déngen. Dei hätt alt scho sollen dohéém blaiwen. (Sie leisst séch op e Stull faalen) Oh Gott, oh Gott! A waat gött daat? Et ass onerheiert. An duu, Juliette, wat méchs du dann hai?

JULIE.: Wat soll éch da maachen?

CHARM.: Wat wéess éh, froo méch nöt.

JULIE.: Ma sco, Mamma, wanns de nöt mei wéés wat maachen, da kanns de mer villaicht mai Kompliment aanescht dréien. Loo ass et guur nöt méi richtéch! Loo muss joo d'Simone sai grooen Tailleur undin a sai blooen Hutt.

CHARM.: Wat séss duu doo? An esou ängem Moment mat esou Dommhééze kommen (sie gött em äng op de Baak) Doo..déi hues de verdéngt. An nu maach déh séier ewäch, wanns de nöt gär nach äng häass.

JULIE.: (fiir séh) Elooo ass och kéné Moment fiir vu méngem Brautklééd ze schwätzen (an ängems ass et ausgéét) an da sooen se nach ömmer, en Hochzeitsdaach wär esou e schéinen Daach!

CHARM.: (géét op an oof an iergert séh) Verspott gi mir am ganze Land. E ganze Koup war elooo schon doo, dén dohiir klaatsche géét: éch hätt méch wölle brätzen... naischr wär mer gutt genuch gewiescht, nömmme fiir de Lait d'Aaen ze föllen... Dass éch gär appes gehaat hätt, waat nach nie doogewiescht wär... dass mer et oover nach nöt esou hätten fiir esou Wand ze schlorn..., dass éch döst an daat... dass éch hai an doo... an elauter dées. Waat wärt d'Néidösch vun hai séch d'Faischt voll laachen. Ech mänge ganz sie huet schon hannert der Rideau erausgeluest. An d'Simone wat soll éch wuel maachen. Wat muss één oover nöt alles erdrooen fiir déi Kanner (rifft zur Diir eraus) Simone, Simone, komm emool eroof!

11. S z é n

----- Madame CHARMILLON, SIMONE, RAYMONDE -----

SIMONE: (ganz frrouh könnt mam Raymonde eran) Hai sin éch, Mamma. Duu riffs méch sécher fiir mer ze sooen, dass mai Klééd komm ass. Wéi frrouh muss de sin, Mamma, fiir déng Duechter hiirt Brautklééd unzedin. Séier, komm mir tommelen ais.

CHARM.: (Ausser séh vun Ierger) Ma Simone, häss duu och gär äng op de Baak?

SIMONE: (ganz verwonnert) Éch, äng op de Baak?

CHARM.: Joo, äng op de Baak. An da geseis de, dass et mir emool naischt ausmécht, a wann et och den Daach ass, wous duu déch wölles haas ze bestueden.

SIMONE: Wou éch méch wölles haat ze bestueden! (hat kreischt) Oh Mamma, éch verstinn elooo, du wölls naischt méi nam Thedoore ze dun hun.

CHARM.: Ma éch hun naischt mat him ze dun.

SIMONE: O Mamma, an et sollt dain Eedem gin. Oh wéi sin éch esou ongléckléch!

RAYM. : (ganz naiv) Soo, Cousine, kann éch d'Brootdöppen dann eröm mat héém huelen?

CHARM. : Ech wollt duu seitzt am Brootdöppen (an ängems ass se d'Raymonde bei d'Diir féiert) Géih ameséier duu déch nam Juliette!

RAYM. : (an ängems ass et géét) Et richt nöt ganz gutt noo ängem Broot am Brootdöppen!

CHARM. : (ganz béiss zum Simone) Ma bass duu da wiirkléch daat enzécht heirömmer daat nach nöt wéés, dass de Rack net ukomm ass?

SIMONE: O Mamma, waat séés duu doo? Daat kann dach nöt sin?
(hat kreischt) Oh wéi sin éch esou ongléckléch. Wéi sin éch esou ongléckléch!

CHARM. : Joo, éch wéés du hues et joo schons éémool gesoot, mängs de dann éch wiir gléckléch? Duu muss eloo direkt den Theodore a séng Familjen prévenéieren, dass déng Hochzeit ausgesaat göt.

SIMONE: O Mamm, éch kann dem Theodore daat nöt undin. Néén, éch kann nöt. Mir génge joo allen zwéé vu Verdross stierwen. An d'Mamma Malbois huet mer de muerjen hiiren Theodore uvertraut. Aarme Jong! Esou äng Oprégung déi déét hie stierwen.

CHARM. : Ass d'Wält dann aawer op der Kopp! Wann dein Theodore daat nöt soll pakken, dann ass hie joo kéé Mann! E gezappten Hong ass dein Theodore!

SIMONE: E gezappten Hong, mein Theodore! Oh wéi sin éch esou ongléckléch. Hien, déén esou gléckléch war fiir séch mat mir ze bestueden. Hien, déén e Kalänner mat Bännercher haat fiir d'Déech ze zielen, d'Déech, d'Stonnen, d'Minutten.

CHARM. : Oh, da muss en als eloo eröm fiir ufänken mat séngem Kalänner.

SIMONE: (sätzt séch bai den Dösch a staipt de Kapp töschent d'Hänn) Mamma, laaf séier de Pappa ruffen, den Theodore... d'Juliette, d-ganz Familjen. Oh wéi gót et miir eloo esou schlächt. O, éch spiiren, éch...stiirwen.

CHARM. : A waat kann daat ais dan déngen?

SIMONE: Ma Mamma, hues de da guur kéén Erbaarmen mat miir? Ma lauschter, mir könne villaicht séier mai Kommuniounsklééd arrangéieren...

CHARM. : (ganz béiss) E Rack an änger Véirelstonn arrangéieren. O wann éch der könnt äng op de Baak gin, da wär miir gehollef... an duu wärs och eröm um Liewen... An eloo méchs de waat éch der sooen. Duu lééfs eloo de Buurjermééschter an de Paschtouer prévenéieren. De Photograph, de Pâtissier... Soo an der Kichen si braichten naischt ze maachen. Soo dem Koschter e soll öm Gotteswöllen käng Klack lauden. Laaf déng Groussälteren an all ais Invitéén avertéieren, a soo si sollen séch ausdin an dohéém blaiwen. (Si léisst séh op e Stull faalen, Simone schluchst)

VERON.: (könnnt eran mat hiirem Bouquet an hirem Vullekuerf) O grosser Gott, a wat ass hai lass? Simone, duu kreisch op déngem Hochzeitsdaach?

CHARM.: (stéét op a géét op d'Joffer Véronique zou) Joffer Véronique, dem Simone séng Hochzeit ass nöt haut! (Sie sötzt séch eröm hannescht).

VERON.: Ah d'Simon huet gefaart éch kéim nöt haut. (géét op d'Simone duur) Haal op mat kreischen, hei sin éch joo. Huel méng Blummen, mei klänge Riki a méng bäscht Glékwoönsch.

SIMONE: (Ömärbelt d'Joffer Véronique a kreischt) Méng gutt Giedel, watmir geschitt ass, daat ass ze vill schräckléch. Wat hun éch oover Päch!

VERON.: Doo hues de Rächt, éch gin de Vull nöt gär ewäch. Ma wälls duu et bass. Hei éch sätzen en op den Dösch.

13. S z é n

AMELIE, VERONIQUE

AMELIE: (könnnt ganz verdrössléch eran) O méng ongléckléch Lait. Den Hektor ass och eloo an d'Post bei den Henri. Alles ass duurchernéén an de Büroen. Alles rifft a jeitzt. An ömmer hun se nach käng Verbindung.kritt.

VERON.: (léisst de Bouquet faalen) Mei Gott, mei Gott! Et ass äppes geschitt! Oh eloo verstin éch alles. Dem Theodore, dem Simone séngem Fiancé ass äppes geschitt. Oh wéi schräckléch ass daat (Sie hieft de Bouquet op a sätzt séch op e Stüll an dréchent hir Aaen mat ängem Nuesschnappéch.)

AMELIE: (fiirt viirun mat zielen) An den Henri dé rifft: Allo, allo, gött ons dach öm Gotteswöllen den Nummer 110-33 d'Néidösch Marinetta...Dann dit dach ärt Bäscht. Mir bieden iech. Hölleft ons dach, mir sin déi ongléckléchst Lait am ganze Lannt.

VERON.: Wéi, wéi, gouf den Theodore iwerrannt? (si reiwt séch d'Aaen)

AMELIE: (fiirt viirun) An da kritt éé gesoot: De Nr 110-33 äntwert nöt. An den Henri bröllt: Si müssen äntworten...schällt dach nach äng Kéier, wann dir an 10 Minuten bestuedt géift an diir hätt nach ärt Brautkléét nöt...hölleft ons dach a probéiert nach äng Kéier. En ass dach sécher nöt futti, der Marinetta hiiren Telefon.

VERON.: (jeitzt) Oh Kanner, vun ängem Mölléch woon?

AMELIE: An si schällen, an si schällen an et äntwert kéén.

VERON.: (schluchzt) Wat soot der? Gung et iwwer d'Béén?

14. S z é n

CATHERINE, SIMONE, CHARMILLON, AMELIE, VERONIQUE,
NANETTE, MALBOIS, JULIETTE, RAYMONDE

CATH. : (könnnt eran a gött der Mme Charmillon e Bréif) Madame, hei ass e Bréif déén de Facteur mer eloo graat gin huet(hat géét eröm eraus)

SIMONE: (spréngt op) Kuck séier, Mamma, en ass vielleicht vun der Néidösch!

CHARM.: Wat kann daat ais dann déngen?
AMELIE: Sie erklärt ons villeicht äppes.
CHARM.: (si kuckt op de Bréif) Ech kann nöt méi. En ass vun der Néidösch Marinetta.
SIMONE: (spréngt op vu Fréét) O Mamma, elo si mer gerett!
CHARM.: Gerett!.. Mängs duu da villeicht de Rack wär am Bréif? Hei Amélie lies en. Ech zidderen ze vill. Ech sin nöt esou kéng.
VERON.: Ma sécher huet hie Péng.
AMELIE: (mécht de Bréif op a liest) Léif Madame, Geéiert Cliente,
CHARM.: Sie mécht de Spott mat ais.
AMELIE: (liest viirun) Et dééd mir léét, dass éch d'Brautkléét net liwwree konnt wéi diir gesoot haat..
SIMONE: Sie hällt et sécher fiir séch. Oh wéi sin éch esou on-gléckléch!
AMELIE: (fiirt virun) An och hun éch geduecht, dir géngt u ménger Exakkthéét an un der Zouverlässéchkéét vu ménge Haus zweiwelen!
CHARM.: Watt en Tuppi! Joo daat ass d'Marinettas!
SIMONE: Ganz bestömmt huet se ängem aaneren de Rack gin.
VERON.: Joo, huet daat den Theodore graat misst sin!
CHARM.: Jo, jo, maach déh löschtéch esou laang wéis de wölls.
AMELIE: (ganz béiss) Wann der méch nöt liese loosst, da liest et sälwer äre Bréif.(liest viirun)..a wäll mir wossten,dass de Chauffeur vum Här Hurtinique göschter oowend bei iech géng passéieren hu mir him et matgin.
CHARM.: (spréngt séier op a kukkt mat der Tatta Amélie op de Bréif) Waat séét se doo?
SIMONE: De Chauffeur vu wiem?
AMELIE: (liest viirun) Sou hutt der d'Klééd joo oover nach zur Zeit djo fiir déi jong Braut, dér éch vun Härzen déi allerbäscht Gleckwünsch präsentéieren.
CHARM.: (ganz vif)Also dann huet joo dem Här Hurtinique sei Chauffeur de Rack!
AMELIE: Waart emool, hei ass nach äppes. Et ass d'Rechnung!
CHARM.: Déi hätten se können haalen.
SIMONE: Da musse mer elo huurtéch bei den Här Hurtinique.
VERON.: Majoo, huurtéch, mam Theodore an d'Klinik.
CHARM.: Séier, séier, dass mer de Chaufför fannen. Laaf huurtéch sooen den Henri soll mam Velo fuuren.A miir laafen déén één heihin, déén aaneren doohin, mir begéinen de Chaufför da villeicht an änger Stross. Séier, séier, de Chaufför, de Chaufför!
VERON.: T'ass richtéch, daat nännt één e Malheur!
SIMONE: Séier, séier, de Chaufför, de Chaufför!
CATH. : (daat an d'Diir lauschtere koum, könnt eran a jeitzt) Jo, jo de Chaufför, de Chaufför..Am Keller!. de Chaufför! (hat fällt op e Stull schwaach),

- CHARM.: (schléit d'Hänn um Kapp zesummen) Daat doo ass de Combel daat huet ons nach graat geféélt. (Sie rifft zur Diir eraus) Nanette, Nanette, huurtéch e Litter Ässéch fiir d'Catherine naass ze maachen!
- SIMONE: Mamma, éch hu verstaan. D'Cathérine wéés äppes vum Chaufför. Hat kännt de Chaufför?
- CHARM.: Jouhiir soll hat hien da känner?
- VERON.: (dréit mat hiirem Bouquet) Ja, huet de Mölléchwoon och musst iwwert hien rännnen!
- SIMONE: (berouécht d'Véron.) Ma Giedel, diir hutt alles falsch verstaan (hat sätzt séch bei d'Cath. op d'Knéien a séét) Catherine, diir wösst äppes, ma Catherine, da soot et dach! Catherine, da schwätzzt dach (biedelt) Mei gutt Catherine! Hei ass d'Simone wat mat iech schwätzzt, Catherine, da soot dach äppes.
- CATH.: (könnnt eröm zou séch) Joo, joo Kuelen!...Chaufför.
- CHARM.: Elo ass et bei de Kuelen. Mé hat wés bestömmt äppes?
- SIMONE: (stéét op) Joo, Cathérine, dir wösst äppes, Catherine, da soot ons et dach. Wat ass mam Chaufför..a wat mat de Kuelen.
- NANETTE: (könnnt iwwerdeéems eragelaaf) Madame, Madame, éch hun d'Ässéchfläsch nöt fonnt. Hei ass den Ueléch! (hat wöllt ufänken d'Fläsch iwwert dem Catherine sei Kapp ze schödden)
- CHARM.: Øhällt et zur Zeit zréck) Ma Nanette, öm Gotteswöllen. Wat géif daat dach äng Britt!
- VERON.: (haat se baal e Schlaach kritt?)
- CATH.: (fällt viirun d'Mme Charm. op d'Knéien) Oh pardon, Madame, éch haat mat all déém Duurchernéén am Haus...joo ganz vergiess....
- CHARM.: Wat haat der vergiess? Da soot dach öm Gotteswöllen wat?
- CATH.: (ganz tragesch) Ma dass göschtderoowend de Chaufför mir äng grouss Köscht gin huet. Ech war graat am Gaang Kuelen eropp ze huelen..Du...hun..éch se...am Käller..bei de Kuelen stooe gelooss.
- CHARM.: (ganz béiss, röselt de Kapp) Wat hutt dir? Ma doo war d'Klééd dach dran! Dem Simone sei Brautklééd, diir aalt toopécht Hénkel daat dir sitt.
- SIMONE: (an ängems dass et sáer auslééft) Mei Rack, Mei Rack!
- NANETTE: E Brautkléét bei de Kuelen! O béjuer! Wat ass d'Cathérine dann ugaangen? (Mme Malbois mat der Mme Griveau kommen eran)
- MALBOIS: (ausser Ootem) Schräckléch, terribel! Ass de Rack nach nöt doo? Den Theodore ass a séngem Papp séngen Ärm zesunme-gefall.
- GRIVEAU: An éch hun déi schräckléch Nooricht, dass de Rack nöt ukommt ass am éischte gewosst.
- CHARM. an AMELIE: (jeitzen matenéén) Ma mir hun en! Mir hun en! De Rack! Kuelen am Käller!
- SIMONE: (könnnt eragelaaf mat änger grousser Köscht) (Hannendrun d'Juliette an d'Raymonde) Hei ass en, hei ass en!

CHARM.: (ganz séier) Simone, séier op déng Kummer! (Simone léft aus) Amélie, Mme Malbois, Nanette, Mme Griveau, huurtéch, huurtéch mat viirun. Hölleft dem Simone sei Kléd undin! Séier, séier (et héiert én d'Klakke lauden) Gitt oover gutt uecht op seng Pläien. Maacht wat der konnt! De Räsch gott önnerwéé am Auto gemaacht (Amélie, Malbois, Griveau laafen aus) Charmillon firt virun ganz opgerécht) Oh mai, o mai, eloo laut et schons. A wat gót daat? Den Här Paschtouer waart dach sécher. Huurtéch, huurtéch. Ma Nanette fiirwaat gitt diir dann möt höllefen?

NANETTE: (An ängems dass et lues ausgeét) O merja! Ech gin an d'Kitchen. De Gigot ass ugebrannt!

CHARM.: (zum Véronique) Ma Joffer Véronique, da gitt diir dach wéinestens höllefen, dass der d'Simone an d'Reih kritt.

VERON. : O wat e Gléck! Ass dem Theodore dann och sécher naischt geschitt?

CHARM. : Dajé, da mäacht iech dach séier uewenopp!

VERON. : Jé, wat hänken s'ängem der op.

CHARM. : (stéisst un hiir viir eraus) Ja hopp, da gitt dach uewenaus!

VERON. : Wat? Muss éch eloo hai eraus! O mei, o mei. Wart, éch muss de Riki oover mat eraus huelen. Wuer soll éch nömmé sötze goen. (Sie höllt de Vullekuurf a gét, hire Bouquet nach ömmer an der Hand)

CHARM. : (zum Cath, daat op ängem Stull sötze bliwwen ass) Diir aale vergössléche Kuurf, dén der sitt! Wou könnt diir nöt gleich drun dänken, wéi der ons esou onglékkéch hei gesin hutt. Et ass fir de Kapp ze verléieren, wann éé bedánkt, dass één noo ängem Rack siche lééft, déén am Haus ass (an ängems ass se ausgeét) Juliette, droo séier mein Hutt a mei rächte Schong an den Auto!

JULIETTE: Jo, Mamma.

CHARM. : (könnnt gleich eran) an da lééfs de séier dei Papp an dei Monni an d'Poste ruffen. O mei, eloo haat éch daat baal vergiess (gét aus)

JULIETTE: Joo, Mamma.

CHARM. : (gleich dropp kukkt just mam Kapp zur Diir eran) An da könns de séier eropp dass éch der dein Hutt opdin!

JULIETTE: Jo, Mamma. Ech wés mai Kompliment guur nöt méi. (zum Cath.) Catherine, diir musst an d'Kiche gooен et richt noo ugebrannt.

RAYMONDE: O jo, am Cathérine séngem Brootdöppen richt et noo ugebrannt

JULIETTE: Soo, Raymonde, wés duu nach äppes, wat d'Mamma eloo graat gesoot huet (an ängems gét et mam Raymonde aus)

CATHERINE: (stéét op a könnt bis viir op d'Bühn) Ech sooen iech joo, jidderéén hei am Haus verléiert de Kapp (hat schléit d'Hänn um Kapp zesummen) O mei, o mei! Escu äng Hochzeit vergösst esou baal nach kéén!

R I D E A U

VERLAACH: ACTION CATHOLIQUE FEMININE, LUXEMBOURG,
3, Place du Théâtre.

ENG GELUNGEN HOCHZEIT.

e löschtécht Stékk an 1 Akt.
vum Jeanne STEICHEN

Personnen:

/ Madame CHARMILLON	45	Jooer
Simone CHARMILLON, hiir Duechter .	20	"
/ Juliette CHARMILLON, séng Schwäster	10	"
/ Tatta AMELIE	40	"
/ RAYMONDE, hiir Duechter.	8	"
/ Madame MALBOIS	45	"
/ Joffer VERONIQUE	65	"
CATHERINE, Kächen	50	"
Madame NANETTE, äng Dooléinösch .	70	"
Madame GRIVEAU		

Déi Aktrissen mat ängem / hunn Hochzeitstoilätten un.
D'Simone huet äng Jüpp an äng Bluus a waiss Strömp un -
d'Cathérine e waisst Kicheschiirtéch d'Madame NANETTE an
d'Madame GRTVFÄU schiirtécher a waiss Schnappécher.

-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-

Op der Bühn: Äng Stuff, en Dösch a Still.

-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-